# Den LOQ mam LOD

7. Editioun: 12 Froen (Motto: Faarwen)

Mëttwoch, 13. Mee um 10 an um 16 Auer



# Wat ass en LOQ?

- → LOQ = Live-Ortho-Quiz
- → Test Äert orthografescht Wëssen.
- → Multiple-Choice-Froen
- → Spillt live géint aner Leit.

lod.lu Lëtzebuerger Online Dictionnaire

DE + FR | DE | FR | EN | PT

**Quiz** **männlecht Substantiv** (*Pluriel* Quizzen / Quizzer)

DE *Quiz* FR *quiz*

Beispill

ech hu bei engem Quiz matgemaach an eng Rees gewonnen

# Wat ass den LOD?

- → Lëtzebuerger Online Dictionnaire
- → E Service vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS)
- → Ze fannen ënner www.lod.lu

# Testfro: Fir eis Vakanz gesinn ech leider ...

✓ schwaarz.

✗ schuaaz.

0

# Weider geet et mam Ortho-Quiz!

12 Froen. Allkéiers 20 Sekonnen Zäit.
Prett? Dann haalt lech un!

# 1/12: An hirer Famill ass hien dat schwaarzt ...

Schoof. ✗

Schof. ✓

Schow. ✗

0

# Schof

- Den "o" ass laang geschwat. Well just ee Konsonant hannendrusteet, gëtt de Vokal net verduebelt.
- Den "f" hanne steet wéi am Däitschen (Schaf).

# 2/12: Vun Adelege seet een, se hätte ...

| blot Blutt. | bloot Blutt. | blod Bludd. | blot Bludd. |
| --- | --- | --- | --- |

0

# blot Blutt

- → Blot: Déi sächlech Endung vum Adjektiv ass -t. Well just ee Konsonant hannerum laange Vokal steet, steet en eenzel.
- → Blutt: Den "t" leet sech vum Däitschen of (Blut). Hannerum kuerzen "u" muss de Konsonant verduebelt ginn.

# 3/12: Wa méindes en Aarbechter bloméécht, da klappt eise Patron mat de ...

Flilecken.

Flilleken.

Flilléken.

0

# Flilleken

→ An der betounter Silb gëtt de Konsonant nom kuerze Vokal verduebelt, dofir "ll".

→ Den "e" kritt keen Accent, well d'Silb onbetount ass.

→ An onbetounte Silbe gëtt och de "k" net zu "ck" verduebelt.

# 4/12: Mäi Papp huet sech gréng a giel ...

| gëiergert. | geiërgert. | geiergert. |
|---|---|---|
| ✗ | ✗ | ✓ |

0

# geiergert

→ Den Duebellaut "ie" bei "iergeren" kritt ni en Treema.

→ De "ge" kritt just en Treema, wann dono "ee" steet: gëeegent.

→ Soss ëmmer ouni Treema: geiert, geuelegt.

# 5/12: Wann ech esou eppes héieren, da gesinn ech ...

✓ rout.

✗ roud.

0

# rout

- Mat "t" wéi am Däitschen: rot.
- Wann e Vokal hannendrusteet, gëtt den "t" zu engem "d": e rouden Auto. Mee: Den Auto ass rout.

# 6/12: No fënnef Stonnen op der Plage war seng Haut rout ewéi e ...

- Krips.
- Kriips.
- Kribs.
- Kriibs.

0

# Kriibs

- → De "b" steet wéi am Däitschen: Krebs.
- → De laangen "i" gëtt verduebelt, well zwee Konsonanten hannendrustinn.

# 7/12: Looss der keng gro ...

✓ Hoer wuessen.

✗ Hoër wuessen.

✗ Hoer wuesen.

0

# Hoer wuessen

- Hoer: Den "er" ass onbetount a kritt keen Treema.
- wuessen: Mat "ss", well et vun engem däitschen "chs" kënnt (wachsen).

# 8/12: Säi jäizeg gréngen Auto ...

| ✓ | ✗ | ✗ |
| --- | --- | --- |
| stécht an d'A. | stëcht an d'A. | stëscht an d'A. |

0

# stécht an d'A

→ Mat "ch" wéi am Däitschen (stechen).

→ Virun engem "ch" dierf keen "ë" stoen, dofir: stécht.

# 9/12: Wéi en dat héieren huet, huet en ... changéiert.

d'Faf ✗

d'Faaf ✗

d'Faarw ✗

d'Faarf ✓

0

# d'Faart

→ Mat "r" wéi am Däitschen: Farbe.

→ Hanne mat "f", well de Laut haart geschwat gëtt.

→ Mat "aa", well hannerum laange Vokal zwee Konsonante stinn.

# 10/12: Um Knéi huet si eng déck ...

| ✓ | ✗ | ✗ | ✗ |
|---|---|---|---|
| blo Plaz. | blo Plaaz. | blo Plaatz. | bloo Plaatz. |

0

# blo Plaz

- Hannerum laangen "o" steet kee Konsonant, dofir: blo.
- "Plaz" mat engem "a", well just ee Konsonant hannert dem laange Vokal steet.
- Den "tz" steet just hannert engem kuerze Vokal: Klatz.

# 11/12: De Promoteur huet sech mat dësen Terrainen eng gëllen Nues ...

verdengt.

verdénkt.

verdéngt.

0

# verdéngt

- → Den "é" gëtt geschwat wéi bei "bréngen" an net wéi bei "kleng".
- → De "g" ass wéi an der Grondform: verdéngen.

# 12/12: De "Grénge Fénk" kritt zwee ...

Accent-aiguën.

Accent aiguen.

Accent-aiguen.

Accent aigu'en.

0

# Accent-aiguen

- → Zesummegesate franséisch Plurielle gi mat Bindestrécher verbonnen.
- → Plurielsendunge ginn ni mat Apostroph ofgetrennt.
- → Hanner "aigu" steet déi normal lëtzebuergesch Endung "en" ouni Treema.